N°4733_4738
Reçue le 16.08.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Luxembourg, le 11 août 2021

Réf. 2021/4476

*Dossier suivi par :*
*Dominique Faber*
*Tél : 247 86540*

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

**Concerne :** questions parlementaires n° 4733 et n°4738 de Messieurs les Députés Marc Goergen et Fernand Kartheiser.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe la réponse du Ministère de la Famille relative aux questions parlementaires n° 4733 et n°4738 de Messieurs les Députés Marc Goergen et Fernand Kartheiser, en vous priant de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments respectueux.

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration

Corinne Cahen

132-000004-20040525-FR

**Äntwert vun der Familljen- an Integratiounsministesch op d'parlamentaresch Froen n°4733 vum Deputéierte Marc Goergen a n°4738 vum Députéierte Fernand Kartheiser iwwert déi sanitär Ariichtungen an de Logementer vun den Alters- a Fleegeheemer**

De Sujet vun dësen zwou parlamentaresche Froen ass identesch. Ech erlabe mir eng gemeinsam a koordinéiert Äntwert op dës Froen ze ginn.

### 1) Déi sanitär Ariichtungen an de Logementer vun Alters- a Fleegeheemer

Betreffend d'Unzuel un Alters- a Fleegeheemer an d'Unzuel u Logementer déi keng eegen Toilette, keng eegen Dusch oder keen eegent Buedzëmmer mat Toilette, Lavabo an Dusch, fir de Privatgebrauch zur Verfügung hunn, kann ech iech folgend Donnéeën matdeelen:

Vun den 52 Alters- a Fleegeheemer, déi am ganzen 5.935 Logementer an 6.422 Better ubidden, dovun 475 Duebelzëmmer an 2 Oasen (chambres à lits multiples) (cf. rapport d'activité 2020 vum Familljeministère[1]) ass d'Situatioun folgend:

- 495 Logementer an 10 verschiddenen Alters- a Fleegeheemer hu keen direkten Accès an e Buedzëmmer mat Toilette, Lavabo an Dusch.
  Dovun hunn:
  - 271 Logementer an 7 verschidden Alters- a Fleegeheemer keng eegen Toilette;
  - 495 Logementer an 10 verschidden Alters- a Fleegeheemer keng eegen Dusch.

| Gestionnaires | Centres intégrés pour personnes âgées | Localités | Nombre de logements | | |
|---|---|---|---|---|---|
| | | | sans WC | sans douche | sans accès direct à une salle de bain |
| Claire a.s.b.l. | Foyer Ste Elisabeth | Bettembourg | 1 | 1 | 1 |
| Etablissement public SERVIOR | CIPA "Am Park" | Bofferdange | 8 | 67 | 67 |
| Etablissement public SERVIOR | CIPA "Grand-Duc Jean" | Dudelange | | 46 | 46 |
| Etablissement public SERVIOR | CIPA "Um Lauterbann" | Niedercorn | 62 | 94 | 94 |
| Etablissement public SERVIOR | CIPA "Roude Fiels" | Rumelange | 68 | 69 | 69 |
| Monplaisir Assistance & Soins s.àr.l. | Résidence Monplaisir | Mondorf | | 5 | 5 |
| Syndicat intercommunal | Résidence des Ardennes | Clervaux | | 2 | 2 |
| | | Total | **139** | **284** | **284** |

| Gestionnaires | Maisons de soins | Localités | Nombre de logements | | |
|---|---|---|---|---|---|
| | | | sans WC | sans douche | sans accès direct à une salle de bain |
| Etablissement public SERVIOR | MS "Thillebierg" | Differdange | 79 | 79 | 79 |
| Etablissement public SERVIOR | MS "Am Schléeschen" | Echternach | 24 | 53 | 53 |
| Etablissement public SERVIOR | MS "Sanatorium" | Vianden | 29 | 79 | 79 |
| | | Total | **132** | **211** | **211** |

[1] https://mfamigr.gouvernement.lu/de/publications

Et ass ze bemierken datt 779 weider Logementer een direkten Accès op e Buedzëmmer hunn, dat 2 Persounen sech deelen. Dëst sinn entweder Duebelzëmmer mat 2 Better[2] oder Eenzelzëmmer mat engem Buedzëmmer de type "communicant". An deenen 2 Logementer de type "Oasis" deelen sech 5 bis 9 Bewunner e Buedzëmmer.

Am Kader vum Projet de loi N° 7524 portant sur la qualité des services pour personnes âgées ass geplangt datt um Regëster vun de Servicer fir eeler Leit, déi sanitär Ariichtungen pro Type vu Logement fir all Alters- a Fleegeheem affichéiert solle ginn.

**2) Gëtt et eng Direktiv, respektiv, e Reglement, wat hygienesch Mindeststandarde fir Altersheemer virgesäit? Wa jo, wéi gesinn dës hygenesch Mindeststandarde konkret aus, och am Hibléck op den Zougank vun de Bewunner op d'Toiletten?**

Dat modifizéiert groussherzoglecht Reglement vum 8. Dezember 1999 (*Règlement grand-ducal modifié du 8 décembre 1999 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires de services pour personnes âgées*[3]) gesäit a sengem Kapitel 5 verschidden Dispositiounen betreffend d' Infrastrukturen vun Alters- a Fleegeheemer (« *centres intégrés pour personnes* âgées » an « *maisons de soins* ») vir. Laut dem Artikel 28 vun dësem Reglement dierfen all Logementer mat maximal 2 Persounen beluecht sinn.[4]
Déi Logementer vun den Alters- a Fleegeheemer, déi no dem 1. Januar 2010 gebaut gi sinn, musse laut dësem Artikel mat engem Buedzëmmer vun op mannst 5 $m^2$, enger Dusch déi plain-pied accessibel ass, enger Toilette an engem Lavabo ausgestatt sinn.

Déi Logementer déi virun der Aféierung vun dësem Reglement gebaut gi sinn, mussen op d'mannst e Lavabo mat waarmem a kalem Waasser hunn. Dës Dispositioun gëtt duerch den Artikel 29, deen Dispositiounen fir déi gemeinschaftlech Sanitären virgesäit, kompletéiert. Den Alinea 1, Tiret 3 Punkt a), deen all déi Infrastrukturen wou d'Logementer net mat enger individueller Toilette, Bidden an Dusch equipéiert sinn betrëfft, gesäit vir, dass dës Infrastrukturen zwou gemeinschaftlech Toilette pro 10 Bewunner an e Buedzëmmer mat enger Bidden oder enger „plain-pied" accessibeler Dusch, engem Lavabo an enger Toilette pro 20 Bewunner brauchen.[5]

---

[2] Wann e Logement vun enger Koppel beluecht ass, ass d'Buedzëmmer privatif.

[3] *Règlement grand-ducal du 8 décembre 1999 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires de services pour personnes âgées : http://data.legilux.public.lu/eli/etat/leg/rgd/1999/12/08/n1/jo*
*Règlement grand-ducal du 10 décembre 2009 modifiant le règlement grand-ducal du 8 décembre 1999 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires de services pour personnes âgées : http://data.legilux.public.lu/eli/etat/leg/rgd/2009/12/10/n2/jo*

[4] *Art. 28. Logements (rgd modifié du 8 décembre 1999) : « Les logements construits ou aménagés avant l'entrée en vigueur du présent règlement doivent répondre aux critères suivants: (...)*
*– occupation maximale de deux usagers par logement*
*– équipement d'au moins un lavabo à eau chaude et froide par logement.*
*« La construction, l'aménagement substantiel, la transformation ou la location de bâtiments hébergeant un service exerçant les activités énumérées à l'alinéa 1er, entamés ou effectués après le 1er janvier 2010, ainsi que le changement d'affectation de locaux entraînent pour le gestionnaire l'obligation de respecter les critères suivants au niveau du logement des usagers :*
*– équipement d'une salle d'eau qui communique avec le logement d'une surface supplémentaire d'au moins 5 $m^2$ avec douche accessible de plain-pied, WC et lavabo (...) – occupation maximale de deux usagers par logement (...) »*

[5] *Art. 29. Installations sanitaires communes (rgd modifié du 8 décembre 1999) :*
*(...) a) au cas où les logements des usagers ne sont pas équipés de W-C, de baignoire ou de douche : deux W-C avec lavabo par dix usagers; une salle de bain équipée d'une baignoire ou d'une douche accessible de plain-pied, d'un lavabo et d'un WC par vingt usagers; une salle de bain équipée d'une baignoire à hauteur variable ou d'un dispositif poursuivant le même objectif, d'un lavabo et d'un W-C par cinquante usagers nécessitant des prestations hebdomadaires d'assistance, d'aide et de soins d'au moins 3,5 heures; (...)*

3) **Ass séchergestallt, datt sech an alle Fäll och un déi Reegele gehaale gëtt? Wéi gëtt dëst iwwerpréift?**

D'ASFT Gesetz vum 8. September 1998 definéiert a sengem Kapitel 1, dass en Agrément obligatoresch ass fir d'Aktivitéiten vun Alters- a Fleegeheemer.[6]

Am Kader vun dësem Agrément ginn ënnert anerem déi verschidden Dispositiounen, déi d'Infrastruktur garantéiere muss, vun Agenten vum Familljeministère kontrolléiert. Dës Dispositioune sinn definéiert am Kapitel 5 vum modifizéierte groussherzogleche Reglement vum 8 Dezember 1999.

Am Artikel 3 ass d'Prozedur vun enger „Demande d'accord de principe" vum Gestionnaire fir d'Realisatioun vun engem Projet definéiert. An dëser Prozedur ginn d'Pläng no den Dispositioune vum Kapitel 5 kontrolléiert an de Gestionnaire kritt eng schrëftlech Äntwert zu der Konformitéit vun de Pläng.

4) **Ass d'Regierung gewëllt, an den Altersheemer iwwerall do, wou d'Bewunner keng eegen Toilette hunn, op sanitärem Plang esou nozerëschten, datt all Bewunner Zougank op eng eegen Toilette huet, respektiv, d'Unzuel vun den Toilettë substantiell ze erhéijen, fir esou den eelere Leit, déi mat Dignitéit behandelt musse ginn, entgéintzekommen?**

All Logement vun engem Alters- a Fleegeheem dat no dem 1. Januar 2010 gebaut ginn ass, muss laut dem Artikel 28 vum Reglement mat engem Buedzëmmer vun op mannst 5 $m^2$, enger Dusch, déi plain-pied accessibel ass, enger Toilette an engem Lavabo ausgestatt sinn.

Bei den Alters- a Fleegeheemer, déi virun der Aféierung vum Reglement gebaut gi sinn, ass dëst net ëmmer de Fall; laut dem Artikel 28 mussen d'Logementer mat engem Lavabo mat waarmem a kalem Waasser equipéiert sinn.

Fir all déi Haiser mat individuelle Buedzëmmeren ze amenagéieren ass an deene meeschte Fäll technesch net méiglech. D'Pläng lafe fir des Haiser kuerz- a mëttelfristeg duerch nei Konstruktiounen ze ersetzen, déi de Standarde vun haut entspriechen.

Wat d'Alters- a Fleegeheemer vu SERVIOR ugeet, do wäert d'maison de soins „Thillebierg" 2022 duerch e neit Gebai, och zu Déifferdeng ersat ginn, de CIPA „um Lauterbann" gëtt 2023 duerch e neit Gebai zu Bascharage ersat an de CIPA „Roude Fiels" gëtt 2025 duerch e neit Gebai um selwechte Site zu Rëmeleng ersat. Dobäi ass et virgesinn datt d'Bewunner vum CIPA „Roude Fiels" vu Rëmeleng schonn d'nächst Joer kënne plënneren an déi nei maison de soins vun Déifferdeng.

---

[6] *Art. 1er. (loi modifié du 8 septembre 1998) :*
*Nul ne peut, à titre principal ou accessoire et contre rémunération, entreprendre ou exercer d'une manière non-occasionnelle l'une des activités ci-après énumérées, dans le domaine social, socio-éducatif, médico-social ou thérapeutique s'il n'est en possession d'un agrément écrit, suivant leurs compétences respectives, soit du ministre de la Famille, soit du ministre de la Promotion féminine, soit du ministre de la Jeunesse, soit du ministre de la Santé. Sont soumises à un agrément, pour autant qu'elles ne font pas l'objet d'une autre disposition légale, les activités suivantes en faveur de toutes les catégories de personnes:*
*– l'accueil et l'hébergement de jour et/ou de nuit de plus de trois personnes simultanément;*
*– l'offre de services de consultation, d'aide, de prestation de soins, d'assistance, de guidance, de formation sociale, d'animation ou d'orientation professionnelle. (...)*

D'maison de soins „Sanatorium“ zu Veianen, d'maison de soins „am Schléeschen » zu lechternach an de CIPA „Am Park“ zu Boufer si Gebaier déi de Staat SERVIOR affektéiert huet; dës Gebaier ginn an de nächste Joere renovéiert fir op de neiste Stand vum Equipement bruecht ze ginn; d'Regierung huet de Finanzement fir des Aarbechten arrêtéiert an am Budget virgesinn.

Desweideren ginn et Projeten fir d'maison de soins „Les Parcs du Troisième Âge“ zu Bartreng, d'maison de soins „Hôpital Intercommunal Steinfort“ zu Stengefort ewéi den alen Deel vun der maison de soins „Seniorie St Joseph“ vun Zitha Senior zu Péiteng duerch nei Gebaier ze ersetzen. Fir dës Projeten hunn d'Gestionnairen en „Accord de principe“ fir eng finanziell Participatioun vum Familljeministère kritt.